N°7416
Entrée le 22.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.12.2022

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Engem rezenten Artikel aus der geschriwwener Press no, kann d'Personal an de Maison Relaisen dacks net op déi individuell Besoinen vu Kanner agoen. D'Personal wier staark iwwerlaascht a géing sech dowéinst heefeg krankmellen. Änleches geet aus dem Bildungsbericht ervir: eng individuumsbezunne Förderungen a Betreiung kann a grousse Maison Relaisen kaum esou stattfannen, wéi et vun Elteren erwënscht gëtt. Och de Bildungsbericht gesäit als méiglech Erklärung eng staark Iwwerlaaschtung, déi d'Personal am Sondage uginn huet.

An dësem Kontext géing ech dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

- Plangt den Här Minister eng breet opgestallten Analys mat enger Concertatioun vun allen Acteuren um Terrain duerchzeféieren, fir dëser fir d'Kanner an d'Personal bedenklecher Entwécklung entgéintzewierken?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7416 vun der honorabeler Deputéiert Simone Asselborn-Bintz

Den non-formale Bildungsberäich ass e jonke Secteur, deen zanter sengem Entstoen extrem séier gewuess ass. Dëse Secteur war, wéi aner Secteuren och, déi zwee lescht Jore mat zwou successive Krise konfrontéiert, nämlech der Covid-19-Kris an der Arrivée vun ukrainesche Flüchtlingen, déi den Equippen eng besonnesch kandzentréiert Betreiung a Begleedung ofverlaangt hunn. Wéi a villen aneren Aktivitéitsberäicher hunn d'Fachleit an dësem Beräich och eng grouss Flexibilitéit an Upassungsfäegkeet missen opweisen, fir sech ëmmer nees un déi nei Consignen an Gegeebenheete kënnen unzepassen, wat sécherlech en Afloss op hiert Wuelbefannen hat.

Wat den Taux vum Absenteismus am non-formale Bildungsberäich ubelaangt, esou huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) keng direkt Donnéeën dozou, well de Staat jo och net Gestionnaire vun dëse Strukturen ass. Deemno ass et net méiglech ze wëssen, ob den Absenteismus am non-formale Bildungsberäich zougeholl huet a wéi e sech verhält par rapport zu anere Secteuren, déi am direkte Kontakt mat de Kanner stinn.

D'Vertrieder vum MENJE concertéieren sech allerdéngs reegelméisseg mat de Vertrieder vum Secteur (Syvicol, Fedas, Felsea an Agence Dageselteren) am Kontext vun engem Comité de pilotage. Sollt sech erausstellen, datt den Absenteismus am Kontext vun der non-formaler Bildung e gréissere Problem duerstellt, da wäerten, a Concertatioun mat de Vertrieder vum Secteur, och deementspriechend Léisunge proposéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH